**N° 4161**
Reçue le 27.04.2021

adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Justizminister an un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3912 no antisemittesche Strofdote schreiwen d'Madamm Justizminister an den Här Policeminister ënner anerem Follgendes: "*Déi antisemitesch motivéiert Strofdoten sinn net als solch registréiert, well se net ënnert där Form erfaasst ginn. Op der enger Sait kënne generell ënnert „Discriminatioun an Rassismus" och vill aner Motiver fale wéi just antisemitesch motivéiert Faiten. Op der anerer Sait kënnen och aner Infraktiounen (zum Beispill Coups et blessures volontaires, Injures, asw.) eng antisemitesch Motivatioun hunn, ouni dass dat bekannt ass, respektiv statistesch erfaast gëtt".*
An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nummer 3064 vum honorablen Deputéierten Här Dan Biancalana nom nationalen Aktiounsplang géint Antisemitismus, schreift den Här Staatsminister ënnert dem Punkt 5 awer: "*Comme indiqué dans la déclaration du Conseil de l'UE du 6 décembre 2018 prémentionnée, il est aussi envisagé d'améliorer la capacité à enregistrer et à recueillir les données relatives à l'antisémitisme au Luxembourg*".

Duerfir géif ech der Regierung gär des Froe stellen:

1) Wéi erkläert sech dësen apparenten Ënnerscheed tëschent deenen zwou Äntwerten?
2) Ginn dës Donnéeën, sou wéi den Här Staatsminister se an der Äntwert op d'Fro Nummer 3064 uginn huet, no der Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA an deenen entspriechenden Aarbechtsbeispiller erfaasst? Falls net, kéint d'Regierung elaboréieren, wéi des Decisioun motivéiert ass? A wéi enge Beräicher soll den Antisemitismus zu Lëtzebuerg zukünfteg erfaasst ginn?
3) Bezitt des geplangten Erfaassung sech, en vue vun der Äntwert op meng Fro Nummer 3912 och ob de Beräich vum Strofrecht? Falls jo, kéint d'Regierung preziséieren, ob Gesetzesännerungen an deem Beräich geplangt sinn a, wa jo, wéi eng?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 4161
Reçue le 27.05.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 26 mai 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, et de Madame la Ministre de la Justice à la question parlementaire n°4161 posée le 26 avril 2021 par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER concernant les crimes antisémites.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg
Tél. : (00352) 2478-2100
Fax : (00352) 46 17 20
Adresse postale :
L-2910 Luxembourg
ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu

**Gemeinsam Äntwert vum Här Staatsminister an vun der Madamm Justizminister op d'parlementaresch Fro n°4161 vum 27. Abrëll 2021 vum Honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.**

D'Äntwert op d'parlamentaresch Fro n° 3064 muss am Zesummenhang mat der Déclaratioun vum Conseil vun der europäescher Unioun vum 6. Dezember 2018 gelies ginn, wou et net nëmmen em déi national repressiv Servicer, wéi d'Police, oder d'Justizautoritéite geet, mee och em d'Zivilgesellschaft.

Et geet dorëms Donnéeën méi breet ze erfaassen, wéi am ganz enke Kader vun enger strofrechtlecher Affaire. D'Regierung ënnersicht an dem Kontext verschidde Pisten fir dat ze vereinfachen.

Den "*Handbook for the practical use of the IHRA working definition of antisemitism*", den am Januar 2021 publizéiert ginn ass, kann natierlech och déi relevanten Autoritéite hëllefen déi antisemitesch motivéiert Faiten besser fest ze halen.

D'IHRA Definitioun ass eng "net rechtlech bindend Arbechtsdefinitioun". An dem Sënn, kéint eng hypothetesch Erfaassung iwwert d'IHRA Definitioun och keng juristesch Konsequenzen mat sech bréngen.

D'IHRA Definitioun bléift awer, laut der Déclaratioun vum Conseil vun der europäescher Unioun vum 6. Dezember 2018, eng "nëtzlech Orientéierungshellef" fir d'Autoriéiten an d'Zivilgesellschaft.

Et ass an dem Sënn, datt d'IHRA Definitioun beim Erfaassen vun den Donnéeën agesat ka ginn.

Well d'IHRA Definitioun als net rechtlech bindend Arbechtsdefinitioun ugeluecht ass, ass et net méiglech dës fir iergendwellech Gesetzesännerungen am Beräich vum Strofrecht anzesetzen. Et si keng weider Gesetzesännerungen an dem Beräich geplangt.